

Mazzen am August huet d'Lëtzebuerger Press emol eng Kéier e seriöse Sujet fonnt fir d'Summerlach ze fëllen. Si huet den Alkoholismus bei der Jugend an di pervers a kriminell Dealer-Praktiken vu Lëtzebuerger Wäin- an aner Festorganisateuren entdeckt. De Koschter huet zwar scho viru Joeren, wou d'Drogendebatt nach aktuell war, behaapt, den Alkohol wär zu Lëtzebuerg e vill mi grave Problem wéi Haschich a Cannabis, mä en ass trotzdem frou, dass di Fro lo endlech op den Dësch kënnt. Fir déi Organisateuren, di fannen, di nei Steier op den Alcopops géif hiert Geschäft verdierwen, huet de Koschter e gudden Tipp: et gëtt Drogen, op deenen ee nach vill méi Profit ka man wi op Wäin an Dröppen, a wann een dobäi erwëscht gëtt, ass d'Strof net vill mi grouss wann een se u Jonker verkaf huet wi un Erwuessener. De Koschter stellt och mat Satisfactioun fest, dass d'Police selwer iwwert d'Saufe bei méi oder manner jonke Leit um Piccadillisfest zu Bechmaacher erschreckt ass. Bis elo wor den Alkohol fir d'Police anscheinend nëmmen e Problem beim Autofueren. Firwat huet d'Police da net all di Leit hannert dem Comptoir protokolléiert, di weidergefuer sinn, fir Jugendlechen an Erwuessenen, di net mi op de Bee konnte stoen, dat Gesëffs ze verkafen? Wisou hun si d'Schankgesetz net applizéiert, dat all Wiertsleit verbidd, Vollerte weider Alkohol ze verkafen? Ee Journalist huet a sengem Commentaire gemengt, di Opreegung an der Press giff wuel leider nom Summerlach nees schnell vergiess ginn. Mä de Veianer Nëssmaart am Hierscht steet virun der Dir! D'Dokteren an der Ettelbrécker Klinik schuddere sech elo scho, wann se un di Alkoholsläichen denken, di se all Joers deen Dag ageliwwert kréien. Wi wär et wann d'Press da géif Organisateuren, d'Gemengenautoritéiten an d'Police matt Zäit op hir legal Verantwortung hiweisen. Natierlech ass et och den Elteren hir Aufgab, hir Kanner virum Alkoholkonsum ze warnen, mä wann Erwuessener dat illegal awer ongestrooft däerfe man, wéi sollen se dann hir Kanner iwwerzeegt kréien?

**m.p.**

Aner Firme verhënnere bewosst d'Elteren drun, hir Kanner zu responsabele Konsumenten z'erzéien. Sou hat d'Handys-Firma Tango en Abonnement dat ‚Family' geheescht huet. Op Grond vun deem Abonnement kruten och d'Kanner en eegenen Handy mat eegener Nummer zu soidisant verbëllegtem Tarif. Wou et engem Papp awer e bëssche bont ginn ass, wéi oft de Fils säin Telefonskredit misst oplueden, a vun Tango wësse wollt, wéivill en da géif telefonéieren an SMSe verschécken, krut e vun Tango gesot, dat géif hien näischt ugoen, dat kënnte si him net matdeelen, dat géif ënnert den Dateschutz a de Jugendschutz falen! De Papp hätt also misse vum Jugendriichter duerchsetze loossen, fir d'Ofrechnung vun sengem mannerjärege Bouf sengem Handysgebrauch ze kréien, fir sech mat him kënnen driwwer z'ënnerhalen, dass och 500 SMSe vu je 3 Cents an d'Geld schloen. Wuelgemierkt gong et net ëm d'Inhalter vun de Gespréicher an den SMS. Wi de Papp gefrot huet, wéi esou eng Philosophie da mam Begrëff ‚Family' iwwertenee géif goen, huet Tango d'Abonnement ëmgedeeft an elo heescht et ‚Friends', mä d'Elteren hu nach ëmmer kee Recht, hire Kanner hiren Handysgebrauch ze kontrolléieren. Déi falen also nach ëmmer op di absolut ontransparent Reklamme vun deene Firme matt (bal!!) gratis Offeren, di sech speziell un di Jonk riichten, eran. Kee Wonner dass Experten haut scho vun enger Handyssucht schwëtzen, matt där muench Leit vill Sue verdéngen.

**m.p.**


# forum

für Politik, Gesellschaft und Kultur

gegründet 1976
Herausgeber: *forum* a.s.b.l.
Durchschnittliche Auflage: 1 900 Expl.
10 Ausgaben im Jahr
ISSN 1680 - 2322

**Ständige Mitarbeiter**
Jean-Paul Barthel, Lex Folscheid, Olivier John, Thomas Köhl, Michel Pauly, Jürgen Stoldt, Viviane Thill

**Koordination** Lynn Herr

**Autoren dieser Ausgabe**
Gilles Bouché, Sandra Britz, Norbert Campagna, Francine Cocard, Gary Diderich, Guy Engels, Georges Fautsch, Marc Fritz, Rolf Gössner, Serge Kollwelter, Jean Lichtfous, Mill Majerus, Laurent Mignon, Michel Pauly, Carole Reckinger, Luc Reuter, Anne Uhrmacher, Frank Wilhelm

**Interviewpartner dieser Ausgabe**
Edmond Israel

**Originalillustrationen** /

**Foto Cover** © Jana Blaber

**Druck** c.a.press, Esch/Alzette



Namentlich gezeichnete Artikel geben nicht unbedingt die Meinung der Redaktion wieder. Nachdruck und elektronische Verbreitung von *forum*-Beiträgen nur mit ausdrücklicher Genehmigung.
© 2007 by *forum* a.s.b.l.



**Bezugspreise**
Einzelheft........................................6 Euro
Jahresabonnement..........................50 Euro
Jahresabonnement im Umschlag.....62 Euro
Studenten, Arbeitslose und
Geschenkabonnements...................38 Euro
Jahresabonnement im Ausland........62 Euro

Überweisungen auf das
*forum*-Postscheckkonto
IBAN LU83 1111 0611 5444 0000
mit dem Vermerk „Neuabo ab Nr …"
und vollständiger Adresse.

Wir danken der *forum*-Fördergemeinschaft, dem Ministère de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche und dem Fonds national de la recherche für die finanzielle Unterstützung.



**52, route d'Arlon**
**L-1140 Luxembourg**

**Tel.: 42 44 88 Fax: 42 44 99**
**E-mail: forum@pt.lu**

**Bürozeiten: Montag bis Freitag, 9-12 Uhr**


**www.forum.lu**